PIRATEN

Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange

Fernand ETGEN
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 11/03/2020

Här President,

Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Emwelt, Klima a nohalteg Entwécklung, Ëffentlech Aarbechten, Tourismus & Kultur weiderzeleeden.

De Stauséi déngt säit 1961 als Drénkwaasserreserve fir grouss Deeler vum Lëtzebuerger Land, ma ass awer och e Point d'Attraction fir den Tourismus, dat ganzt an enger eenzegaarteger Natur. Am Joer 1991 ass de Stauséi fir d'lescht eidel lafe gelooss ginn, fir Entretiensaarbechten duerchzeféieren. Haut sinn et also bal 30 Joer hir, datt de Stauséi engem gréisseren Entretien ënnerzu gouf. Säit 1961 huet d'Demande no Drénkwaasser iwwerdeems, wéinst dem Bevëlkerungszouwuess, konstant zougeholl. Wat den Tourismus betrëfft, zitt de Stauséi och haut, besonnesch am Summer, Touristen aus der ganzer Groussregioun un. D'Demande no neien touristeschen Attraktiounen ass grouss. Schonn Ufank vum Millenium koum säitens der Stauséigemeng de Wonsch no enger Hengebréck iwwert de Stau op, mam Zil besonnesch den doucen, ökologeschen Tourismus ze förderen. D'Stauséi-Géigend ass am Groussen a Ganzen eng Géigend mat immens vill Potential, ma et ass awer virun allem, wéinst sengen Drénkwaasserkapassitéiten, eng Liewensquell fir d'ganzt Lëtzebuerger Land.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Dir Dammen an Häre Ministeren, wéini steet deen nächsten groussen Entretien vum Stauséi un, wou de Stau muss auslafe gelooss ginn ?

2. Mat wéi enge Käschten rechent Dir an deem Zesummenhank a mat wéi engen gréisseren Aarbechten ass an deem Kontext ze rechnen ?

3. Madamm Ministesch, wéi gedenkt Dir an der Iwwergangsphase, wou de Stau eidel wäert sinn, d'Drénkwaasserversuergung weiderhin ze assuréieren ?

4. Dir Dammen an Häre Ministeren, ass geplangt no Drénkwaasserreserven am noen Ausland ze sichen, fir där héijer Demande vum Grand-Duché an Zukunft gerecht ze ginn ?

5. Madamm Ministesch, geet d'Produktiounskapassitéit vum Stau a Saachen Drénkwaasser, wann d'Bevëlkerung weider wiisst, duer? Bis wéini géifen déi aktuell Kapassitéiten, bei gläichbleiwendem Wuesstem, duer goen?

6. Ass geplangt, Madamm Ministesch, d'Drénkwaasserproduktioun an d'Luucht ze schrauwen? Wa jo wéi, vu wéi engem Volume géife mer do schwätzen?

7. Um Stau gëtt och duerch Waasserkraaft Elektrizitéit produzéiert. Wat huet dëst fir een Afloss op de Volume vum produzéierten Drénkwaasser ? Gëtt duerch d'Produktioun vun Elektrizitéit de Volume u produzéiertem Drénkwaasser beanträchtegt ?

PIRATEN

Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange

8. Här Minister, ass säitens dem Tourismusministère geplangt weider Attraktiounen an d'Stauséi-Géigend ze bréngen ? Wa jo, wéi eng ?

9. Här Minister, wéi sti Dir zu der Iddi vun enger Hängebréck beim Stauséi, ähnlech wéi där vun der „Hängeseilbrücke Geyerlay"? Géift Dir esou eng Attraktioun finanziell ënnerstëtzen?

10. Dir Dammen an Häre Ministeren, ass geplangt d'Geschicht vum Duerf wat deelweis ënnert dem Waasser vum Stau versenkt gouf, sou wéi déi eenzegaarteg Flora a Fauna vun der Géigend fir Touristen an Intresséierter, duerch konkret Projeten, en Valeur ze setzen?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Député